N° 6115
Reçue le 16.05.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique Marc Hansen op d'parlamentaresch Fro n° 6115 vum 28. Abrëll vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwert den Télétravail am ëffentlechen Déngscht

D'Regierung hat den 23. Oktober 2020 entscheet, den Télétravail am ëffentlechen Déngscht bis zu maximal véier Deeg an der Woch z'autoriséieren. Mat der "Lettre circulaire" vum 4. Mäerz 2022 sinn elo dräi Deeg Télétravail an der Woch erlaabt, do wou et méiglech ass an d'Funktioun et erlaabt.

Et ass dem Chef vun der Administratioun iwwerlooss ob a wéi den Télétravail a senger Verwaltung ëmgesat gëtt. Mäi Ministère verfüügt iwwert keng Donnéeën wat d'Unzuel vun de Beamten betrëfft, déi vum Télétravail an deene verschiddenen Administratiounen Gebrauch maachen.

Lëtzebuerg, de 16. Mee 2022

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Marc Hansen

63, avenue de la Liberté
L-1931 Luxembourg

Tél. (+352) 247-83100
Fax (+352) 26 48 36 16

B.P. 1807
L-1018 Luxembourg

www.fonction-publique.public.lu